D’Nationalbibliothéik Lëtzebuerg

—

# ENTDECKEN AN ERLIEWEN

Bibliothèque nationale
du Luxembourg

# INHALTSVERZEECHNES


1. Eng Plaz vun der Kultur an der Wëssenschaft . . . . . 5

2. Mir si fir Iech do . . . . . 6
2.1 Ëffnungszäiten . . . . . 6
2.2 Hei erreecht Dir eis . . . . . 6
2.3 Adress an Accès . . . . . 7
2.4 Aschreiwung . . . . . 8

3. E Gebai fir Iech . . . . . 9
3.1 Liessall . . . . . 10
3.2 Aarbechtsplazen a Grupperaim . . . . . 11
3.3 Mediathéik . . . . . 12
3.4 Rara-Liessall Dr. Jean-Claude Loutsch . . . . . 13
3.5 Kopéieren a scannen . . . . . 14
3.6 Bibliothéikscafé . . . . . 14

4. Dokumenter sichen . . . . . 17
4.1 Wéi sichen a fannen ech en Dokument? . . . . . 17
4.2 Wéi kréien ech en Dokument, dat ech op a-z.lu fonnt hunn? . . . . . 20
4.3 Prêt . . . . . 21
4.4 Spezialsammlunge consultéieren . . . . . 21
4.5 Prêt international . . . . . 22
4.6 Retour vu Bicher . . . . . 22

5. Eis Fongen . . . . . 25
5.1 Lëtzebuergesche Fong . . . . . 25
5.2 Net-lëtzebuergesche Fong . . . . . 25
5.3 Spezialsammlungen . . . . . 25
5.4 Mediathéik . . . . . 33

6. Wéi eng Sammlung entsteet . . . . . 35
6.1 Dépôt légal . . . . . 35
6.2 Acquisitioun vun net-lëtzebuergeschen Dokumenter . . . . . 37
6.3 Acquisitiounsvirschlag . . . . . 37
6.4 Don a Mécénat . . . . . 37

7. Wéi erhale mir Dokumenter fir d'Zukunft? . . . 38
7.1 Erhale vun de physeschen Dokumenter . . . 38
7.2 Digitaliséierung . . . 39
7.3 Webarchiv . . . 39

8. Weider Offere vun der BnL . . . 43
8.1 Kulturvermëttlung . . . 43
8.2 Lëtzebuerger Bibliothéiksreseau bibnet.lu . . . 44
8.3 Konsortium Lëtzebuerg . . . 45
8.4 Bicherbus . . . 46
8.5 National ISBN-, ISSN- & ISMN-Agencen an ISNI-Enregistréierungsagence 47

9. Fir méi gewuer ze ginn . . . 48
9.1 Kontakt . . . 48
9.2 D'BnL am Web . . . 50

10. Geschichtlechen Iwwerbléck vun der Nationalbibliothéik . . . 52

# 1. ENG PLAZ VUN DER KULTUR AN DER WËSSENSCHAFT

D'Nationalbibliothéik Lëtzebuerg (Bibliothèque nationale du Luxembourg, BnL) ass déi wichtegst Patrimonial-, Wëssenschafts- a Fuerschungsbibliothéik vum Land. Si sammelt, katalogiséiert a konservéiert all déi gedréckten an digital Publikatiounen, déi zu Lëtzebuerg an am Ausland verëffentlecht ginn an e Bezuch zum Grand-Duché hunn. Als Wëssenschafts- a Fuerschungsbibliothéik huet si den Usproch vun enger Fachbibliothéik: Zirka dräi Véierel vun hirem Printbestand sinn aus dem Ausland an decke séllege Wëssensberäicher of, fir d'Besoine vun de Benotzer esou wäit ewéi méiglech erfëllen ze kënnen.

Niewent iwwer 1,8 Millioune Publikatiounen op Pabeier bitt d'BnL hire Lieser och ëmmer méi digital Dokumenter: Zäitschrëften, E-Books, Datebanken, digitaliséiert lëtzebuergesch Wierker an digital Dokumenter grad ewéi Websäite vu Lëtzebuerg.

Des Weideren engagéiert si sech an der nationaler an internationaler Zesummenaarbecht. Als Koordinatorin vum nationale Reseau vun de Lëtzebuerger Bibliothéike bibnet.lu agéiert d'BnL als dreiwend Kraaft a fërdert innovativ nei Technologien am Beräich vum Dokumentemanagement. D'Nationalbibliothéik koordinéiert och de Konsortium Lëtzebuerg, deen sech ëm d'Acquisitioun an d'Gestioun vun digitale Publikatioune këmmert an den Open-Access-Prozess ënnerstëtzt. D'BnL ass vill méi ewéi just eng Plaz fir d'Recherche an d'Dokumentatioun: Si ass och e wichtege Pilier bei der Wëssensvermëttlung a bitt e Kader fir d'Kultur. Reegelméisseg gi Konferenzen, Table-ronden, Ausstellungen an Evenementer zu den ënnerschiddlechsten Themen organiséiert a Publikatioune verëffentlecht.

D'Nationalbibliothéik ass fir all interesséiert Persoun op. Vun 1973 bis 2019 war si am renovéierte fréieren Athénée, niewent der Kathedral um Boulevard Roosevelt ënnerbruecht.

Zënter Oktober 2019 ass de Standuert vun der Nationalbibliothéik um Kierchbierg an engem neien, méi funktionelle Gebai, dat besser ugepasst ass un d'Besoine vun de Benotzer, de Mataarbechter an de Sammlunge vun der BnL.

# 2. MIR SI FIR IECH DO

## 2.1 ËFFNUNGSZÄITEN

### Liessall a Mediathéik

Méi. 14.00 - 20.00
Dë. - Fr. 10.00 - 20.00
Sa. 10.00 - 18.00

### Aschreiwung, Prêt a bibliographesch Informatiounen

Dë. - Fr. 10.00 - 19.00
Sa. 10.00 - 18.00

## 2.2 HEI ERREECHT DIR EIS

### Dir wëllt Iech aschreiwen?

Tel.: (+352) 26 55 9 - 101
E-Mail: inscription@bnl.etat.lu

### Dir wëllt Dokumenter ausléinen oder zeréckginn?

Tel.: (+352) 26 55 9 - 102
E-Mail: pret@bnl.etat.lu

### Dir wëllt bibliographesch Renseignementer?

Tel.: (+352) 26 55 9 - 103
E-Mail: reference@bnl.etat.lu

### Dir hutt weider Froen?

Tel.: (+352) 26 55 9 - 100

**En Iwwerbléck iwwer all déi wichteg Websäiten a Kontaktdate vun der BnL fannt Dir op de Säiten 48 an 49.**

## 2.3 ADRESS AN ACCÈS

37D, Avenue John F. Kennedy
L-1855 Luxembourg

**Zougang fir Mënsche mat enger ageschränkter Mobilitéit oder engem visuellen Handicap**
All d'ëffentlech Beräicher vun der Nationalbibliothéik si fir Persoune mat ageschränkter Mobilitéit oder engem visuellen Handicap zougänglech: Lifter, ugepasste sanitär Anlagen, en taktile Leitsystem a Rampen erméiglechen e barriärefräien Accès.

**Accès mam Vëlo**
Dir kënnt Äre Vëlo ënnert eisem iwwerdeckte Vëlosstänner (Westsäit vum Gebai) oder beim Vëlosstänner (Ostsäit vum Gebai) ofstellen. Laanscht de gréngen Eck op der Ostsäit vum Gebai gëtt et och eng vel'OH!-Statioun.

**Accès mam ëffentlechen Transport**
Den Tramarrêt „Nationalbibliothéik/Bibliothèque nationale" ass direkt virun der Haaptentrée vun der Bibliothéik. D'Busarrêten „Labours" an „Albert Borschette" sinn och zu Fouss liicht z'erreechen. Méi genee Informatiounen iwwer d'Buslinnen an d'Horairë vu Bus an Tram fannt Dir um Site mobiliteit.lu.

**Accès mam Auto**
Den Accès vum ënnerierdesche Parking ass an der Rue Albert Borschette. De Foussgänger-Ausgang bréngt lech bei d'Haaptentrée vun der Bibliothéik. Déi éischt 30 Minutten am Parking si gratis. No dësem Delai, musst Dir de Parking bezuelen. D'Tariffer a weider Informatioune fannt Dir op eisem Internetsite bnl.lu.



## 2.4 ASCHREIWUNG

Den Accès an d'Nationalbibliothéik ass gratis. Als gréisst Bibliothéik vum Land bitt Iech d'BnL eng Panoplie vu Ressourcen. Fir vun all eise Servicer profitéieren ze kënnen, braucht Dir eng gülteg Bibliothéikskaart.

D'Aschreiwung fir eng Bibliothéikskaart ass fir all Persoun ab 14 Joer gratis. Bicher mat heem huelen dierfen allerdéngs just Leit mat Wunnsëtz zu Lëtzebuerg oder an de Grenzregiounen. Aner Lieser kënne gedréckten Dokumenter op der Plaz consultéieren.

Aschreiwe kënnt Dir Iech entweder an eisem Accueil oder online mat MyGuichet. Méi Infoen dozou fannt Dir op aschreiwung.bnl.lu.

D'Bibliothéikskaart ass zwee Joer laang gülteg. Si kann am Accueil, oder online mat MyGuichet verlängert ginn.

**Kontakt**

Tel.: (+352) 26 55 9 - 101
E-Mail: inscription@bnl.etat.lu





# 3. E GEBAI FIR IECH

D'Gebai vun der BnL huet den 1. Oktober 2019 seng Dieren opgemaach. Fir déi éischte Kéier an der Geschicht vun der Nationalbibliothéik sinn all d'Dokumenter an dat ganzt Personal ënnert engem Daach vereent.

Vum Foyer kënnt ee mam Lift oder iwwer d'Trap bei den Ausstellungsraum um 2. Stack oder bei de Konferenzberäich um 3. Stack, wou sech e grousse Manifestatiounsraum, en Auditoire, e Versammlungsraum a Formatiounsraim befannen. De Liessall mat senge spezielle Raim erstreckt sech iwwer dräi Stäck an ass d'Häerzstéck vun der Bibliothéik.



## 3.1 LIESSALL

De Liessall bitt Iech esou munches: Op dräi Stäck fannt Dir 200.000 Dokumenter aus alle Wëssensberäicher, déi Iech am Fräihandberäich zur Verfügung stinn. Dës Dokumenter dierft Dir selwer aus de Regaler huelen, consultéieren an ausléinen. De Liessall ass no der Dewey-Dezimalklassifikatioun sortéiert, déi haut vu ville Bibliothéike ronderëm d'Welt benotzt gëtt an all d'Wëssen an zéng Haaptkategorien ënnerdeelt. An de verschiddenen Themeberäicher fannt Dir eng villsäiteg Offer vu Bicher, Zäitschrëften a Medien aus all de Sammlungen. D'Bestänn vun der Nationalbibliothéik ëmfaassen Dokumenter virun allem op Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch an Englesch, awer och op Russesch, Italienesch, Spuenesch, Portugisesch an an anere Sproochen.

Dages- a Wochenzeitunge grad ewéi Zäitschrëfte vun allgemengem Interessi sinn um Rez-de-chaussée ze fannen. D'Multimedia-Dokumenter sinn all an der Mediathéik um 2. Stack vereent.

Am Liessall fënnt ee just e Brochdeel vun der Offer vun der BnL. Déi aner Dokumenter sinn an de Magaséngen (Archivraim) oder online zougänglech. All d'Ressourcë kënnt Dir iwwer d'Online-Sichmaschinn a-z.lu recherchéieren, reservéieren a consultéieren.

## 3.2 AARBECHTSPLAZEN A GRUPPERAIM

Am Liessall ginn et sëllege Sëtzplaze vun der Fotell bis zum Aarbechtsdësch mat Computeren. Donieft gëtt et, op dräi Stäck verdeelt, eelef Carrels (Grupperaim), dräi Audiokabinnen an ee Museksraum, déi am Viraus iwwer booker.bnl.lu reservéiert musse ginn.

Jee no der Gréisst vum Carrel kënnt Dir an 2er- bis 6er-Gruppe schaffen. E puer vun de Carrels si mat Touchscreens ekipéiert, un déi Dir Äre Laptop uschléisse kënnt. Am hënneschten Deel vun der Mediathéik fannt Dir dräi Audiokabinnen, an deenen Dir ongestéiert Multimedia-Dokumenter consultéiere kënnt.

De Museksraum um 2. Stack vum Liessall ass reservéiert fir Persounen, déi Dokumenter aus der Musekssammlung analyséieren oder spille wëllen. Aus dësem Grond ass de Museksraum mat engem E-Piano ekipéiert, de mat Kopfhörer benotzt ka ginn.






## 3.3 MEDIATHÉIK

D’Mediathéik ass um 2. Stack vum Liessall. Hei sinn d’Multimedia-Dokumenter ënnerbruecht: Dokumentarfilmer a Long-Métragen, Lauschterbicher, Musek a Sproochecoursen.

An der Mediathéik ginn et e puer Aarbechtsplaze mat an ouni Computeren, e puer Sëtzméiglechkeeten, e Carrel an dräi Audiokabinnen. Fir dass all d’Dokumenter vun der Mediathéik op der Plaz consultéiert kënne ginn, stellt lech d’Nationalbibliothéik och déi néideg Apparater zur Verfügung. Mat Ärer Bibliothéikskaart kënnt Dir am Automat bei der Entrée vun der Mediathéik och Kopfhörer ausléinen.

### 3.4 RARA-LIESSALL DR. JEAN-CLAUDE LOUTSCH

De Rara-Liessall ass um 1. Stack vum Liessall ze fannen an duerch seng markant rout Faarf liicht z'erkennen. Dëse Raum ass fir Benotzer reservéiert, déi déi speziell Sammlunge consultéiere wëllen, d. h. wäertvoll, fragil a seelen Dokumenter.

Dir fannt hei och e Choix u Referenzwierker, déi Iech bei Ärer spezifescher Recherche hëllefen. Niewent de Kataloge vun Handschrëften, Inkunabelen an ale Bicher aus der BnL (Clasen, Namur, Schoetter) a bedeitende regionalen an europäeschen Archivbibliothéiken (ë. a. Tréier, Bréissel, Paräis, München oder Cambridge) fannt Dir do och Wierker iwwer d'Paleographie, d'Buch- an Drockgeschicht, d'Geschicht vun de Skriptorien (zu Lëtzebuerg an am Ausland) esou wéi verschidden thematesch a bibliographesch Repertoiren.

**Ëffnungszäiten (Reservatioun néideg)**
Dë. - Fr. 10.00 - 18.00
Sa. 10.00 - 17.00



## 3.5 KOPÉIEREN A SCANNEN

Dir kënnt selwer Dokumenter scannen, kopéieren, printen oder op engem USB-Stick späicheren, respektiv per E-Mail verschécken. D’Apparaten, déi Dir dofir braucht, stinn lech an de Kopéierraim am Sous-sol an um 2. Stack vum Liessall zur Verfügung. Um 3. Stack kënnt Dir am Mikroformen-Sall Extraite vum consultéierten Dokument erausdrécken oder numeriséieren.

Denkt wgl. drun, datt d’Printen a Kopéiere eng puer Su kaschten. Am Accueil hutt Dir d’Méiglechkeet, Suen op Är Bibliothéikskaart ze lueden. Déi genee Tariffer fannt Dir op eisem Internetsite bnl.lu.

D’Nationalbibliothéik ass eng Archivbibliothéik a leet besonnesche Wäert drop, dass hir Bestänn erhale bleiwen an net beschiedegt ginn. Hëlleft eis wgl. eis Dokumenter an engem gudden Zoustand ze erhalen, andeems Dir virsiichteg mat hinnen ëmgitt.

Verschidden Dokumenter kënnen nëmme vu Mataarbechter vun der BnL kopéiert ginn. Méi Informatiounen iwwer dës Offre payante, d’Liwwerzäiten an d’Reproduktiounsméiglechkeete fannt Dir op bnl.lu.

Fir d’Anhale vun den Auteurs- an anere Rechter sidd Dir selwer responsabel.

## 3.6 BIBLIOTHÉIKSCAFÉ

De Café offréiert wärend den Ëffnungszäite vun der Bibliothéik e Choix u Gedrénks a Molzechten.




PRET
INFO

# 4. DOKUMENTER SICHEN

D'Nationalbibliothéik huet iwwer 1,8 Millioune physesch Dokumenter aus ville verschiddene Kollektiounen. Zirka 88 % dovu sinn an de Magaséngen ënnerbruecht, déi fir d'Benotzer net fräi zougänglech sinn. Déi reschtlech Dokumenter sinn am Liessall, wou Dir eegestänneg dorop zougräife kënnt.

Net ze vergiessen ass déi digital Offer vun der Nationalbibliothéik, déi Dir iwwer a-z.lu an eluxemburgensia.lu notze kënnt. Den Zougrëff op fräi zougänglech Online-Publikatiounen oder digital Dokumenter ass zu all Moment vun doheem aus méiglech. Aus Lizenz- a Copyright-Grënn kënne munch Online-Publikatiounen awer just gekuckt ginn, wann Dir lech virdrun ugemellt hutt oder wann Dir si an der Bibliothéik consultéiert. Aus dem selwechte Grond ass et net méiglech Dokumenter, déi just am Liessall kënne consultéiert ginn, erofzelueden oder per E-Mail ze verschécken.

## 4.1 WÉI SICHEN A FANNEN ECH EN DOKUMENT?

Fir d'Recherche vun all de physeschen an digitale Ressourcë vun der BnL steet lech d'Online-Sichmaschinn a-z.lu zur Verfügung. Wann Dir no digitaliséierten Dokumenter aus dem lëtzebuergesche Fong sicht, kënnt Dir dofir och eluxemburgensia.lu benotzen.

Bei Bedarf kann lech de bibliographeschen Informatiounsservice wärend den Ëffnungszäite vun der BnL weiderhëllefen.

**Ëffnungszäite vum bibliographeschen Informatiounsguichet**

| | |
|---|---|
| Dë. - Fr. | 10.00 - 19.00 |
| Sa. | 10.00 - 18.00 |

**Kontakt**

| | |
|---|---|
| Tel.: | (+352) 26 55 9 - 103 |
| E-Mail: | reference@bnl.etat.lu |



**a-z.lu**
a-z.lu ass d’Online-Sichmaschinn, mat där Dir de ganze physeschen an digitalen Dokumenter- a Mediebestand vun der Nationalbibliothéik a vun all de Bibliothéike vum bibnet.lu-Reseau duerchsiche kënnt.

a-z.lu bitt séllege Sich- a Filterfunktiounen. Dir kritt net just d’Lëscht mat de Resultater ugewisen, mee och d’bibliographesch Donnéeën, d’Inhaltsverzeechnes oder de Buchdeckel. Mat Hëllef vun de Filteroptiounen hutt Dir d’Méiglechkeet, d’Resultater ze preziséieren oder d’Sich no ënnerschiddleche Krittären anzeschränken. Iwwer e Link kommt Dir vun a-z.lu bei déi digital Dokumenter.

Sëlleg aner Funktiounen, ewéi d’Erstellen an d’Verwalte vun enger Favoritteléscht, eng Zitéierhëllef oder d’Verschécken vun enger Sichufro, erliichteren d’Literaturrecherche mat a-z.lu.

An Ärem Benotzerkont kënnt Dir Är Bestellungen, perséinlech Donnéeën, etc. kucken a verwalten.

**Froen zu a-z.lu?**
E-Mail: a-z.lu@bnl.etat.lu

**Froen zu der bibliographescher Recherche?**
E-Mail: reference@bnl.etat.lu

**eluxemburgensia.lu**
Dir braucht keng Bibliothéikskaart fir op d'Inhalter vun eluxemburgensia.lu zouzegräifen. Op dësem Portal kënnt Dir digitaliséiert Dokumenter aus eisem lëtzebuergesche Bestand entdecken:
- Zeitungen
- Zäitschrëften
- Manuskripter
- Bicher
- Historesch Plakater
- Postkaarten

De gréissten Deel vun der Nationalbibliothéik hiren digitaliséierte Ressourcen ass am Volltextmodus verfügbar, dat heescht: Dir kënnt dank der Optical-Character-Erkennung (OCR) eng Volltextsich maachen.

Niewent der Sich no Stéchwierder erlaabt Iech eluxemburgensia.lu och, no Zäitraim oder no enger bestëmmter Zort Dokumenter ze sichen. Duerno kënnt Dir d'Resultater verfeineren, andeems Dir méi Stéchwierder agitt oder d'erweidert Sich benotzt.

Digitaliséiert Dokumenter kënnen am PDF-Format erofgelueden oder per E-Mail verschéckt ginn.



## 4.2 WÉI KRÉIEN ECH EN DOKUMENT, DAT ECH OP A-Z.LU FONNT HUNN?

**Digital Dokumenter**
Wann Dir an der Sichmaschinn a-z.lu d'Referenz vun engem digitalen Dokument fannt, da klickt einfach op de Link „Online verfügbar"/ „Disponible en ligne" ënnert dem Titel vum Dokument. Jee no Zort Dokument kann et sinn, dass Dir nach op eng Zwëschesäit kommt oder dass Dir e weidere Programm braucht, fir d'Dokument consultéieren ze kënnen.

**Froen zum Zougrëff op digital Dokumenter?**
E-Mail: help@consortium.lu

**Physesch Dokumenter**
Wann Dir an der Sichmaschinn a-z.lu d'Referenz vun engem Dokument recherchéiert hutt, da gesitt Dir an der bibliographescher Notiz, wou et am Liessall steet oder wéi Dir et bestelle kënnt.

Steet en Dokument am Liessall, da musst Dir et selwer aus dem Regal huelen a kënnt et, fir mat heem ze huelen, am Guichet ausléinen oder iwwer eng besonnesch Prêt-Maschinn selwer ausléinen. Mierkt Iech d'Cote vum Dokument, fir et am Liessall ze fannen. a-z.lu bitt Iech och d'Funktioun, eng GPS-Kaart vum Liessall opzemaachen, op där Iech de Wee bei d'Dokument ugewise gëtt.

Ass den Titel am Magaséng, geet Iech e BnL-Mataarbechter d'Dokument sichen. Dir musst den Titel just iwwer a-z.lu bestellen. Wann net schonn eng aner Persoun d'Dokument ausgeléint huet, dann dauert et maximal zwou Stonnen, bis Dir et am Guichet ofhuele kënnt. An Ärem Benotzerkont kënnt Dir kontrolléieren, ob en Titel prett ass, fir ofgeholl ze ginn.

**Froen iwwer de Prêt oder de Retour vun Dokumenter?**
Tel.: (+352) 26 55 9 - 102
E-Mail: pret@bnl.etat.lu





## 4.3 PRÊT

Dir kënnt bis zu 35 Dokumenter gläichzäiteg fir eng Dauer vun 28 Deeg ausléinen. Wann dat ausgeléinten Dokument net vun engem anere Lieser reservéiert ass, kënnt Dir Äre Prêt iwwer a-z.lu oder am Guichet verlängeren.

Bestellunge kënne 7 Deeg laang beim Guichet vum Prêt ofgeholl ginn.

Dir hutt d'Méiglechkeet, Äre Prêt zweemol per Telefon oder direkt iwwer a-z.lu ze verlängeren.

Aus konservatoreschen a sammlungspolitesche Grënn kënne munch Dokumenter net mat heem geholl ginn. Si kënnen awer ënner bestëmmte Konditiounen op der Plaz consultéiert ginn.

## 4.4 SPEZIALSAMMLUNGE CONSULTÉIEREN

Seelen oder wäertvoll Dokumenter aus de Spezialsammlunge vun der BnL kënnen net mat heem geholl ginn. Dir kënnt se awer iwwer a-z.lu oder op schrëftlech Ufro bei de jeeweilegen Departementer reservéieren an an eisem Rara-Liessall um 1. Stack consultéieren. Ee vun eise Mataarbechter kann lech beim richtegen Ëmgang mat dëse wäertvollen Dokumenter behëlleflech sinn.

D'Kontaktdate vun de jeeweilegen Departementer fannt Dir am Kapitel iwwer d'Spezialsammlungen an an der Iwwersiicht vun de Kontakter.



## 4.5 PRÊT INTERNATIONAL

Iwwer de Service vum Prêt international kënnt Dir Fotokopië vun Zeitungsartikelen oder Bicher an Dissertatiounen aus auslännesche Bibliothéike bestellen. Ier Dir eppes iwwer de Prêt international bestellt, kuckt wgl. virdrun op a-z.lu, ob dat gewënschten Dokument net an der BnL oder an enger vun de Bibliothéike vum bibnet.lu-Reseau verfügbar ass.

**Froen zum Prêt international?**
Dë. - Fr. 10.00 - 16.00
Tel.: (+352) 26 55 9 - 426/429
E-Mail: pi@bnl.etat.lu

## 4.6 RETOUR VU BICHER

**Guichet vum Prêt**
Wann Dir e Buch wëllt zeréckbréngen, da kënnt Dir et am Guichet vum Prêt ofginn. Dokumenter, déi just op der Plaz dierfe consultéiert ginn, kënnt Dir just op dësem Wee zréckginn.

**Automatesch Prêt-/Retourmaschinnen**
Am Liessall ginn et op all Stack eng Partie automatesch Prêt-/Retourmaschinnen. Fir e Buch zréckzeginn, musst Dir et op d'Plack leeën an op „Rückgabe"/„Retour" drécken. Leet duerno d'Dokumenter an d'Rullregal oder an d'Këscht, déi niewendrun steet. Stellt d'Dokument wgl. net selwer an d'Regal zréck.

Am Foyer fannt Dir eng automatesch Maschinn, fir Dokumenter zeréckzeginn. Leet all Buch eenzel an noeneen an d'Klapp. D'Dokument gëtt automatesch vun Ärem Benotzerkont geläscht.

Och bausse vum Gebai gëtt et eng Klapp vun der Bicher-Retourmaschinn. Dir kënnt Bicher deemno och dann zeréckginn, wann d'Bibliothéik zou ass.






*Les sentences de Ciceron … traduites … en rythme francoyse par Guillaume Guéroult*. Lyon Balthasar Arnoullet. 1550. BnL, L.P. 3.

Viregt Säit: Gleis, Jean-Pierre. *Grand-Duché De Luxembourg*. Office luxembourgeois de tourisme. Virun 1940.

# 5. EIS FONGEN

An der Nationalbibliothéik stinn iwwer 1,8 Millioune gedréckte Wierker. D'Bestänn si méisproocheg an ëmfaassen all d'Wëssensberäicher.
D'BnL konservéiert net just gedréckte Wierker a mécht dës der Ëffentlechkeet zougänglech, mä bitt hire Benotzer och digital Dokumenter un.

### 5.1 LËTZEBUERGESCHE FONG

Am lëtzebuergesche Fong, allgemeng „Luxemburgensia“ genannt, fannt Dir all déi zu Lëtzebuerg gedréckten oder digital Publikatiounen, déi per Flichtexemplaire ofginn an zousätzlech zum Dépôt légal vun der BnL kaaft goufen. Dozou gehéieren aktuell an al Lëtzebuerger Publikatiounen (no 1800), Monografien, Zeitungen an Zäitschrëften, grad ewéi Diplom- an Dokteraarbechten. Ausserdeem ëmfaasst dëse Fong Publikatiounen, déi vu lëtzebuergesche Staatsbierger am Ausland oder am Zesummenhang mat Lëtzebuerg an dem fréieren Herzogtum Lëtzebuerg veröffentlecht goufen.

Plakater a Postkaarten, d'Lëtzebuerger Musekssammlung oder Wierker, déi virun 1800 entstanen a seelen oder besonnesch wäertvoll sinn, sinn Deel vun de Spezialsammlungen.

Zanter 2002 digitaliséiert d'BnL de gedréckte Patrimoine vu Lëtzebuerg (Zäitschrëften, Bicher, Plakater a Postkaarten). Dir fannt dës gratis op den Online-Portaler eluxemburgensia.lu an a-z.lu. Méi Informatiounen iwwer den Digitaliséierungsprojet fannt Dir am Kapitel 7.2.

### 5.2 NET-LËTZEBUERGESCHE FONG

Den net-lëtzebuergesche Fong mécht ronn dräi Véierel vun den Titele vun de gedréckte Sammlunge vun der BnL aus. En deckt all Wëssensberäicher of an ëmfaasst Bicher, Zäitschrëften, Rapporte vu Kongresser an Table-ronden, Etüden, Referenzwierker a populärwëssenschaftlech Wierker. Dës Dokumenter stinn lech op gedréckten, Mikroform- oder audiovisuelle Medien zur Verfügung.

Dëse Fong gëtt duerch méi wéi 67.700 digital Zäitschrëften, 901.000 E-Books an zirka 304 Datebanken, déi iwwer a-z.lu zougänglech sinn, ergänzt.

D'Dokumenter am net-lëtzebuergesche Fong gi vu Fachreferenten aus de jeeweilege Fachberäicher ausgewielt. Si huelen se no den Acquisitiounskrittäre vum net-lëtzebuergesche Fong op.

D'Acquisitiounspolitik ass an enger Charta festgehal, déi op der Internetsäit bnl.lu ka consultéiert ginn.

### 5.3 SPEZIALSAMMLUNGEN

**Manuskriptesammlung**
An der Manuskriptesammlung conservéiert d'BnL ronn 270 vollstänneg erhale mëttelalterlech Handschrëften (vum 7. Joerhonnert bis 1638), iwwer 500 fragmentaresch erhale mëttelalterlech Handschrëfte (entsprëcht iwwer 400 bibliographesch Entitéiten), grad ewéi zirka 50 mëttelalterlech Handschrëften, déi als Annex vu gedréckte Bicher iwwerliwwert sinn. Dobäi kommen zirka 600 ënner Manuskriptesignature geféierten Eenzelwierker oder Fongen (inkl. Auteursfongen) aus der zweeter Hallschent vum 17. bis an d'spéit 20. Joerhonnert.

Dat eelst Dokument aus der Sammlung ass e Fragment vun enger Handschrëft vum Poopst Gregoire de Grousse vum Enn vum 7. Joerhonnert. Dëst Dokument gouf digitaliséiert a kann op eluxemburgensia.lu consultéiert ginn.

Dokumenter vun der Manuskriptesammlung kënnen net mat heem geholl ginn. En Deel vun dëser Sammlung ass op a-z.lu erfaasst. Dir kënnt d'Dokumenter also entweder iwwer a-z.lu oder op schrëftlech Ufro reservéieren an am Rara-Liessall um 1. Stack consultéieren.

**Froen zu der Manuskriptesammlung?**
E-Mail: manuscrits@bnl.etat.lu




Vu lënks no riets: Godefridus de Trano, *Summa super titulis Decretalium*, Paris (?), 13. Joerhonnert, fol. 92ra: Consecratioun a fol. 118ra: Paschtouer

**Sammlung vu raren a wäertvolle Bicher**

D'Sammlung vu raren a wäertvolle Bicher enthält 200 Inkunabelen (Bicher, déi an Europa virum 1. Januar 1501 gedréckt goufen), seelen a wäertvoll Lëtzebuerger Bicher, déi virun 1800 entstane sinn, Wierker vun Auteuren, déi am Lëtzebuerg vum Ancien Régime gebuer goufen, do gewunnt oder geléiert hunn (wéi Latomus, Sturm, Hovaeus, Wiltheim, asw.), besonnesch Abänn, esou wéi e puer dausend Bicher, déi opgrond vun hirer Seelenheet, hirem Inhalt oder hirer Hierkonft bemierkenswäert sinn. Dokumenter aus der Sammlung vu raren a wäertvolle Bicher kënnen net mat heem geholl ginn. En Deel vun dëser Sammlung ass op a-z.lu erfaasst. Dir kënnt d'Dokumenter also entweder iwwer a-z.lu oder op schrëftlech Ufro reservéieren an am Rara-Liessall um 1. Stack consultéieren.

**Froen zu der Sammlung vu raren a wäertvolle Bicher?**

E-Mail: imprimes-rares@bnl.etat.lu

**Plakat- a Postkaartesammlung**

An der Plakat- a Postkaartesammlung fannt Dir zirka 50.000 al an zäitgenëssesch Plakater an zirka 36.000 Postkaarten aus Lëtzebuerg.
Ronn 780 Plakater a ronn 17.500 Postkaarte si mëttlerweil digitaliséiert a kënnen op eluxemburgensia.lu consultéiert ginn.

D'Dokumenter vun der Plakat- a Postkaartesammlung vun der BnL kënnen net mat heem geholl ginn. En Deel vun dëser Sammlung ass op a-z.lu erfaasst an op eluxemburgensia.lu ze gesinn. Dir kënnt se op schrëftlech Ufro reservéieren an am Rara-Liessall um 1. Stack consultéieren.

**Froen zu der Plakatsammlung?**

E-Mail: affiches@bnl.etat.lu

**Froen zu der Postkaartesammlung?**

E-Mail: cartes-postales@bnl.etat.lu






*Lëtzebuerg: Festungsstad, Haaptstad vum Herzogtum mat identeschem Numm […]. Paräis*: Hermannus van Loon, [ca. 1700]. Cote: IX-F-1d/2967.

**Sammlung vu Kaarten, Pläng, Atlassen a Vuen**
D'Sammlung vu Kaarten, Pläng, Atlassen a Vuen ëmfaasst zirka 6.900 Dokumenter.

Dës Dokumenter kënnen net mat heem geholl ginn. Dir kënnt se awer iwwer a-z.lu oder op schrëftlech Ufro reservéieren an am Rara-Liessall um 1. Stack consultéieren.

**Froen zu der Sammlung vu Kaarten, Pläng, Atlassen a Vuen?**
E-Mail: cartographie@bnl.etat.lu

**Musekssammlung/Centre d’études et de documentation musicales (Cedom)**
Säit hiren Originne sammelt a konservéiert d’Nationalbibliothéik musikalesch Dokumenter.
De Centre d’études et de documentation musicales (Cedom), dee 1989 gegrënnt gouf, huet d’Aufgab den handgeschriwwenen a gedréckte Musekspatrimoine vu Lëtzebuerg ze sammelen, ze konservéieren an zougänglech ze maachen. Am Zentrum vun der Musekssammlung vum Cedom sti gedréckten an handgeschriwwene Partiture souwéi d’Archivfonge vu Komponisten a Kollektivitéiten, déi mam Museksliewen an der Museksgeschicht vum Land a Verbindung stinn. Zousätzlech zu senger gesetzlecher Missioun huet de Cedom och eng Sammlung vun Tounopnamen, déi aus CDen, DVDen, Schallplacken, Tounbänner a -kassette besteet, an iwwerhëlt esou d’Funktioun vun engem zentrale Museksarchiv zu Lëtzebuerg.

E speziellen Deel vum net-lëtzebuergesche Fong ass der Musek gewidmet an enthält esouwuel Bicher, Nouten, Zäitschrëften, ewéi och E-Books, digital Zeitungen an Datebanken.

D’Dokumenter vum Cedom a vum net-lëtzebuergesche Museksbestand kënnt Dir online iwwer a-z.lu virbestellen an entweder ausléinen oder op der Plaz consultéieren.

Seelen a wäertvoll Bestänn vum Cedom (handgeschriwwe Partituren, Placken an Audiokassetten oder Dokumenter aus de Komponisten-Archiven) kënnen net mat heem geholl ginn. Dir kënnt se awer iwwer a-z.lu oder op schrëftlech Ufro reservéieren an am Rara-Liessall um 1. Stack consultéieren.

D’didaktesch Hefter vum Cedom, De Litty, déi zanter 2014 veröffentlecht ginn, si geduecht fir d’Léierpersonal an d’Schüler aus der Grondschoul an de Lycéeë grad ewéi fir all interesséiert Persounen. Si sollen der Ëffentlechkeet d’musikalescht Liewen zu Lëtzebuerg méi nobréngen.

**Froen zur Musekssammlung oder zum Cedom?**
E-Mail: cedom@bnl.etat.lu





**Ikonographesch Sammlung: illustréiert Bicher, Kënschtlerbicher, Drockgrafiken**
D'Nationalbibliothéik huet eng bemierkenswäert Sammlung vu Kënschtlerbicher, bibliophilen an illustréierte Bicher, Portraiten an Drockgrafiken, vun deene vill Eenzelstécker sinn.

D'Sammlung zielt 233 lëtzebuergesch Kënschtlerbicher an zirka 1.300 Wierker vun internationale Kënschtler. Dat sinn ënner anerem illustréiert Gedichtbänn, Objetsbicher, Konzeptbicher a Bicher déi vun engem eenzege Kënschtler gezeechent, gravéiert a gesat goufen.

Dobäi kommen zirka 3.200 ikonographesch Dokumenter an zirka 2.800 Drockgrafike vu Lëtzebuerger Kënschtler. Dokumenter vun der ikonographescher Sammlung vun der BnL kënnen net mat heem geholl ginn. Dir kënnt se awer iwwer a-z.lu oder op schrëftlech Ufro reservéieren an am Rara-Liessall um 1. Stack consultéieren.

**Froen zu der ikonographescher Sammlung?**
E-Mail: iconographie@bnl.etat.lu

**Sammlung iwwer d'Lëtzebuerger Bibliothéikslandschaft a Buchgeschicht**
D'Sammlung befaasst sech haaptsächlech mat der geschichtlecher Rekonstruktioun vun der Lëtzebuerger Bibliothéikslandschaft a Buchgeschicht vum 19. Joerhonnert un. Si besteet aus Bicher an Archive vun historesche lëtzebuergesche Bibliothéiken, Exlibris-Dokumenter, Bibliothéikskatalogen, Lieserkaarten, Regëster vu Prêten, etc.

**Froen zu der Sammlung iwwer d'Lëtzebuerger Bibliothéikslandschaft a Buchgeschicht?**
E-Mail: histoire-bibliotheque@bnl.etat.lu




*Ons Porbibliote'k:* Plakat vun der Porbibliothéik Lampertsbierg. Lëtzebuerg: Worré-Mertens

**Ephemerasammlung**
D'Ephemerasammlung ëmfaasst gedréckten Dokumenter aus dem deegleche Gebrauch. Dozou gehéieren zum Beispill Kalenneren, Diplomer, Doudebillercher, Invitatiounen, Menüskaarten, Entréesticketen, al Rechnungen op Entête-Pabeier oder Reklammen.

Dokumenter vun der Ephemerasammlung kënnen net mat heem geholl ginn. Dir kënnt se awer op schrëftlech Ufro reservéieren an am Rara-Liessall um 1. Stack consultéieren.

**Froen zu der Ephemerasammlung?**
E-Mail: ephemera@bnl.etat.lu




*Diplom vum Verband vun de lëtzebuergeschen Turnveräiner fir den 9. Tournoi.* Lëtzebuerg: Linden&Hansen, 1930.




## 5.4 MEDIATHÉIK

D'Mediathéik ëmfaasst d'Sammlunge vu Filmer, Sproochecoursen a Lauschterbicher. All dës Medie sinn am Liessall fräi zougänglech. Dir kënnt se entweder ausléinen oder op der Plaz consultéieren.

De Bestand vun der Mediathéik enthält iwwer 19.000 audiovisuell Dokumenter, 2.400 Lauschterbicher grad ewéi 900 Sproochecoursen an iwwer 80 Sproochen.

**Froen zu der Mediathéik?**
E-Mail: mediatheque@bnl.etat.lu

**Wëllt Dir Äre Prêt verlängeren?**
Tel.: (+352) 26 55 9 - 102

Nächst Säit: Alexander de Villa Dei, *Doctrinale cum glosa Jovis Suessionensis* (Frankräich, éischte Véierel vum 14. Joerhonnert), BnL Ms 80, fol. 7v.

hoc .n. quod dicit sociabo et in pluralitate scripta magistrorum meorum scilicet doctorum in libro suo notat librum istum esse auctenticum et per consequens approbatum et esse quam quam liber iste debet dici auctenticus et per consequens approbatus in compositione sociantur .i. coniunguntur augmentum et gaudium ponitur sive collocatur plura scripta et non pauca magistrorum seu doctorum .i. sapientum et priorum et non quorumque ut forte apocrifa vel ignotorum sed cognitorum probatorum ac famosorum. ¶ Dicit ergo pluraque quod legitur in pluribusque sed melius est quod legatur pluraque sic dico ita propono [illegible] doctrinale quod pro et et sociabo .i. iungam et ponam et collocabo in compilatione dicti doctrinalis scripta multa et non pauca doctorum magistrorum et sic sapientum meorum sive ne vestigia eorum sequi et cognitorum et probatorum.



Scribere clericulis paro doctrinale novellis pluraque doctorum sociabo scripta meorum.

¶ Iamque legent pueri. Iuxta divisionem litere superius positam actor in presenti ostendit ad quod doctrinale patet et quam admodum puerorum ad quos litere pleniorem utilitatem. Non quod actor probat hoc quod dictum est in his duobus versibus multa sunt. arguit .n. latenter et astute librum suum esse legendum a pueris pro loco a minori cum liber maximiani qui de nugis est compositus dicit a pueris legatur et per consequens sic [illegible] quod maius videtur inesse in illo quod magis et minus videtur quod liber maximiani legatur de nugis quanti nullius utilitatis sed debeat legi quod liber iste et tamen legitur ergo multo fortius liber iste de quo magis videtur dicit utilis et de doctrina utili compositus debet legi. ¶ Redarguit quod veteres ex nobilitate [illegible] carminis quod [illegible] tam egregiter [illegible] dicendo deus sociis suis et caris pandere recusabant. [illegible] per [illegible] librum suum esse parvum [illegible] parvissimum [illegible] pueri legent in hoc libro [illegible] que veteres nolebant pandere caris sociis [illegible] librum esse [illegible] ipsum esse parvissimum [illegible] caris [illegible] et vide quod dicit [illegible]

legent pueri .i. clericuli novelli. Vel mediocres discipuli adhuc regulariter disciplina magistrorum existentes quod satis notatur per expositionem vocabuli puer .n. dicitur uno modo a puris quod est custodia. vel alio modo a pueros [illegible] latine et puer his duobus modis [illegible] sub [illegible] significat actor pueri. ¶ Vel per dicta pueri .i. innocentes sed quod puer dicitur quasi purus [illegible] actor [illegible] sunt apta [illegible] sed [illegible] pueri sic ergo [illegible] actor per hoc quod dicebatur in dictione multa faciat in his duobus libris et ipsos [illegible] clericulis [illegible] pueri [illegible] magistros [illegible] iamque [illegible] gloriando iamque .i. [illegible] auditores [illegible] magistri [illegible] ad [illegible] magistri discipuli et [illegible] ad audiendum pro nugis loco nugarum constructio patet.

Iamque legent pueri pro nugis maximiani que veteres sociis nolebant pandere caris.

¶ Presens huic operi. In presenti actor divinum invocat suffragium [illegible] quod dicitur in [illegible] sine deo nullus [illegible] [illegible] capitulo de ortu fontium et fluminorum non esse [illegible] sine quo nulla via [illegible] nulla doctrina instruit nullus usus expedit. sine quo nihil valid[illegible] [illegible] ipsius divinum [illegible] operis penitus est implorandum [illegible] exordium [illegible] et [illegible] opere ipsius [illegible] operis sui [illegible] implorat ita dicens gratia almi pneumatis .i. spiritus sancti per [illegible] sit presens .i. favorabilis huic operi meum ingressum in hoc opere intendo me iuvet meum progressum dirigendo et faciat me complere quod fiat utile meum egressum utilem et laudabilem [illegible] modo.

Presens huic operi sit gratia pneumatis almi. Me iuvet et faciat complere quod utile fiat.

¶ Si pro primo. hic [illegible] actor posset [illegible] aliquis dicere [illegible] opus tuum legetur a pueris et intelligentibus et [illegible] et difficile reputetur. ¶ Ad [illegible] respondet [illegible] remedium innuendo dicit .n. quod si pueri [illegible] auditione [illegible] opus intelligere [illegible] non possunt [illegible] doctoris vel magistri vicem [illegible] doctor [illegible]

# 6. WÉI ENG SAMMLUNG ENTSTEET

## 6.1 DÉPÔT LÉGAL

D'Nationalbibliothéik ass eng Archivbibliothéik an huet de gesetzlechen Optrag, all d'Publikatiounen am Zesummenhang mat Lëtzebuerg am lëtzebuergesche Fong ze konservéieren an zougänglech ze maachen. D'Auteuren, d'Editeuren oder d'Dréckereie musse Flichtexemplairë vun all de Publikatiounen, déi zu Lëtzebuerg gedréckt oder digital publizéiert ginn, ofginn. Den Dépôt légal gëllt net just fir Bicher an Zäitschrëften, mä och fir Plakater, Postkaarten, Gemengeblieder, Partituren, etc. Zousätzlech gëtt de lëtzebuergesche Fong duerch déi am Ausland publizéiert Wierker mat Bezuch zum Grand-Duché ergänzt.

Op der Grondlag vum Dépôt-légal-Reglement ginn d'Dokumenter vum lëtzebuergesche Fong an der Nationalbibliographie, déi op bnl.lu ka consultéiert ginn, verzeechent. D'Zil ass et, e vollstännegen Iwwerbléck vun de Publikatiounen aus oder mat engem Bezuch zu Lëtzebuerg ze ginn, déi d'Nationalbibliothéik sammelt.

Well mëttlerweil vill Publikatiounen net méi gedréckt, mee digital veröffentlecht ginn, zum Beispill am PDF-Format, als E-Book oder als Infoplakat, gëllt den Dépôt légal och fir digital Dokumenter, déi am Kader vun der digitaler Laangzäit-Archivéierung gesammelt a versuergt ginn.

Weider Detailer iwwer den Dépôt légal fannt Dir op bnl.lu.

D'Flichtexemplairë kënnen am Accueil vun der BnL ofginn oder per Post erageschéckt ginn.

**Froen zum Dépôt légal „Periodika"?**
Tel.: (+352) 26 55 9 - 362
E-Mail: depot-legal-periodiques@bnl.etat.lu

**Froen zum Dépôt légal „Bicher an aner Medien"?**
Tel.: (+352) 26 55 9 - 352
E-Mail: depot-legal@bnl.etat.lu

**Froen zum Dépôt légal „Drockgrafik"?**
E-Mail: iconographie@bnl.etat.lu

**Froen zum Dépôt légal „Digital Dokumenter"?**
Tel.: (+352) 26 55 9 - 358
E-Mail: depot-legal-numerique@bnl.etat.lu




*Plakat fir d'Fechtweltmeeschterschaft vum 10. bis den 22. Juni 1954 zu Lëtzebuerg.*
Gestaltung: Nina & Julien Lefèvre. Lëtzebuerg, 1954.

## 6.2 ACQUISITIOUN VUN NET-LËTZEBUERGESCHEN DOKUMENTER

D'Dokumenter vum net-lëtzebuergesche Fong gi vu Fachreferenten aus de jeeweilege Fachberäicher ausgewielt. Si huelen dës no den Acquisitiounskrittäre vun der BnL op.

D'Acquisitiounspolitik ass an enger Charta festgehal, déi op der Internetsäit bnl.lu consultéiert ka ginn.

## 6.3 ACQUISITIOUNSVIRSCHLAG

Wann Dir en Dokument net an eise Sammlunge fannt, da kënnt Dir iwwer a-z.lu en Acquisitiounsvirschlag maachen. Eis zoustänneg Fachreferenten iwwerpréiwen Är Ufro am Hibléck op déi aktuell Akafspolitik a bestellen d'Dokumenter fir lech oder recommandéieren e Prêt international.

## 6.4 DON A MÉCÉNAT

Wann Dir drun interesséiert sidd, d'Nationalbibliothéik z'ënnerstëtzen, da kënnt Dir eis zum Beispill Dokumenter schenken. E besonneschen Interessi gëllt dem lëtzebuergesche Fong. D'Nationalbibliothéik behält sech d'Recht vir, Donen am Aklang mat der Acquisitiounspolitik ze traitéieren. Dat heescht, datt verschidden Dokumenter no de gängege Kassatiounsprinzippien aussortéiert kënne ginn.

**Kontakt Donen**
Tel.: (+352) 26 55 9 - 250
E-Mail: acquisitions@bnl.etat.lu

Wann Dir drun interesséiert sidd, d'Nationalbibliothéik bei spezielle Projeten, ewéi zum Beispill der Restauréierung vu Plakater, z'ënnerstëtzen, dann hutt Dir d'Méiglechkeet, en Don iwwer de Fonds culturel national (www.focuna.lu) ze maachen, deen Dir vun der Steier ofsetze kënnt. Enn 2016 huet d'BnL ugefaangen, hir Sammlung vu Plakater no an no ze digitaliséieren an online ze veröffentlechen. Leider si vill Plakater an engem schlechten Zoustand, well se futti oder ofgenotzt sinn, a musse fir d'éischt restauréiert ginn, fir se kënnen ze digitaliséieren an der Ëffentlechkeet zougänglech ze maachen. Mat engem Don kënnt Dir dëse Projet ënnerstëtzen.

# 7. WÉI ERHALE MIR DOKUMENTER FIR D'ZUKUNFT?

## 7.1 ERHALE VUN DE PHYSESCHEN DOKUMENTER

D'Magasénge vun der Nationalbibliothéik garantéieren eng laangfristeg Konservéierung vun hire Fongen. D'Gäng ronderëm d'Magasénge bilden eng Pufferzon an trennen dës klimatesch vum Rescht vum Gebai a vun de baussechte Maueren. Dank enger konstanter Loftfiichtegkeet vu 50 % (+/- 5 %) an enger Temperatur vun 18 °C (+/- 2 °C) profitéieren d'Magasénge vun optimale klimatesche Bedéngunge fir d'Konservéierung vu Pabeierdokumenter.

Andeems all eenzele vun de fënnef Stäck a jeeweils 11 Kompartimenter opgedeelt ass, gëtt verhënnert, dass sech en eventuellt Feier op de ganze Stack ausbreet. Zousätzlech goufen an de Magaséngen d'elektresch Elementer reduzéiert an all technesch Komponenten, vun deene méiglech Gefore kéinten ausgoen, ausserhalb vun de Magaséngen installéiert, fir z. B. e Brand duerch e Kuerzen ze verhënneren. D'Luuchten an d'Steckdousen an de Magasénge gi just da mat Stroum versuergt, wa sech e Mataarbechter am Raum ophält.

Doniewent sinn d'Magaséngen de Sammlungen ugepasst, déi an hinne gelagert ginn. Plakater, Kaarten, Portraiten, etc. sinn a spezielle Schief ënnerbruecht. Al a méi sensibel Dokumenter ginn a saierfräi Këschte verpaakt an an d'Regaler gestallt.



Video „BnL - Hannert de Kulissen". Service „Logistique Magasins"

## 7.2 DIGITALISÉIERUNG

Zanter 2002 digitaliséiert d'BnL de gedréckte kulturelle Patrimoine vu Lëtzebuerg a weist d'Resultater um Portal eluxemburgensia.lu. D'Massendigitaliséierung gehéiert zu den Ziler vun der Europäescher Unioun, fir de kulturellen an intellektuelle Patrimoine vun Europa online zougänglech ze maachen. Duerch d'Digitaliséierung gëtt de veröffentlechte Kulturpatrimoine gefërdert, den Accès erliichtert an nei Fuerschungsmethode ginn ënnerstëtzt. Weider dréit d'Digitaliséierung dozou bäi, datt déi historesch Dokumenter optimal erhale bleiwen.

Méi ewéi 70 lëtzebuergesch Zäitschrëften an Zeitunge kënnen am Volltextmodus um Portal eluxemburgensia.lu oder iwwer d'Sichmaschinn a-z.lu consultéiert ginn. Dobäi komme sëllege Plakater, Postkaarten, esou wéi Manuskripter a Bicher, déi vun der BnL digitaliséiert goufen.

## 7.3 WEBARCHIV

Nieft de gedréckten an digitale Publikatiounen ass d'BnL och verantwortlech fir d'Archivéierung vum Lëtzebuerger Web. Grad ewéi aner Nationalbibliothéike konservéiert si all d'Internetsäite mam Domainnumm „.lu" an aner Säiten, déi vu Lëtzebuerger online gesat ginn. D'BnL organiséiert reegelméisseg breet ugeluechte Crawls oder sammelt ausgewielte Websäiten zu bestëmmten Themen. Fir d'Auteursrechter ze respektéieren, kënnen archivéiert Websäiten allerdéngs just an der Bibliothéik consultéiert ginn.

Weider Informatiounen iwwer d'Funktiounsweis vun der Webarchivéierung, d'Sammlungspolitik an eis thematesch Kollektioune fannt Dir op eiser participativer Informatiounsplattform webarchive.lu.

**Froen zum Webarchiv?**
E-Mail: webharvesting@bnl.etat.lu

Video „BnL - Hannert de Kulissen" zum Thema digital Laangzäitarchivéierung


04_01_
04_01_
04_01_
04_01_
04_01_
04_01_
04_01_
04_01_
04_01_
04_01_


ROSIER à cent



# 8. WEIDER OFFERE VUN DER BNL

## 8.1 KULTURVERMËTTLUNG

Niewent hirer Aufgab, de schrëftlechen an digitale Patrimoine ze sammelen an ze konservéieren, setzt sech d'BnL och fir d'Verbreedung vum Wëssen an d'Opwäertung vun hire Sammlungen duerch kulturell, wëssenschaftlech a pedagogesch Aktivitéiten an, z.B. duerch Ausstellungen, Konferenzen, Publikatiounen, Kommunikatiounscampagnen a Formatioune fir Schüler, Studenten, d'Léierpersonal an d'breet Ëffentlechkeet.

Op eiser Websäit bnl.lu fannt Dir all d'Neiegkeete vun der BnL, hir pedagogesch Offer an de Manifestatiounskalenner. Suivéiert d'Bibliothéik och op Facebook, Twitter, YouTube an Instagram fir reegelméisseg iwwer hir Aktivitéiten, Evenementer a Sammlungen informéiert ze ginn.

**Froen zu der Kulturvermëttlung?**
E-Mail: communication@bnl.etat.lu
E-Mail: serviceeducatif@bnl.etat.lu (fir Visite-guidéeën, Formatiounen a pedagogesch Projeten)

@bnluxembourg

## 8.2 LËTZEBUERGER BIBLIOTHÉIKSRESEAU BIBNET.LU

1985 huet d'BnL d'Initiativ ergraff an de Reseau vun de Lëtzebuerger Bibliothéike bibnet.lu gegrënnt. Mëttlerweil zielen zirka 90 Bibliothéike vu Kulturinstituter, Universitéits- a Schoulbibliothéiken, ëffentlech Bibliothéiken a Fachbibliothéiken zum Reseau.

De bibnet.lu-Reseau gëtt vun der Nationalbibliothéik koordinéiert. Si këmmert sech, zesumme mam Zentrum fir Informatiounstechnologië vum Staat (CTIE), ëm den Ënnerhalt an d'Entwécklung vun den IT-Tools, déi vun de Membere vum Reseau gemeinsam genotzt ginn. De Reseau bibnet.lu schafft enk mat dem Konsortium Lëtzebuerg zesummen.

D'Bestänn vun de Member-Bibliothéike sinn an engem gemeinsame Katalog erfaasst, deen iwwer d'Online-Sichmaschinn a-z.lu zougänglech ass.

**Froen zum Lëtzebuerger Bibliothéiksreseau bibnet.lu?**
E-Mail: bibnet@bnl.etat.lu
Web: bibnet.lu

## 8.3 KONSORTIUM LËTZEBUERG

De Konsortium Lëtzebuerg këmmert sech ëm d'Acquisitioun an d'Gestioun vun digitale Publikatiounen. Seng Offer ass vun zentraler Bedeitung fir d'Entwécklung vun der Wëssensgesellschaft an erméiglecht et, der Wëssenschaft, der Fuerschung, de Regierungsbeamten an der breeder Ëffentlechkeet vill verschidde Publikatiounen zur Verfügung ze stellen. D'BnL koordinéiert de Konsortium Lëtzebuerg a këmmert sech ëm d'Administratioun, d'Softwareverwaltung, den Zougrëff an ëm d'Verhandlung vu Lizenzen an Abonnementer.

D'Konsortium-Partner sinn niewent der Nationalbibliothéik d'Uni Lëtzebuerg, de Luxembourg Institute of Science and Technology (LIST) an de Luxembourg Institute of Health (LIH). De Konsortium Lëtzebuerg schafft och mam Max-Planck-Institut Luxemburg, dem Luxembourg Institute of Socio-Economic Research (LISER), dem Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN) an dem Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) zesummen.

2017 ass aus enger Kooperatioun tëschent der BnL, dem Ministère vun der Fonction publique an dem Zentrum fir Informatiounstechnologië vum Staat (CTIE) d'Regierungsbibliothéik bibgov.lu entstanen. Si stellt de Ministèren a staatleche Verwaltunge spezialiséiert digital Ressourcen zur Verfügung.

De Konsortium Lëtzebuerg koordinéiert a geréiert och de Projet ebooks.lu, en digitale Service, bei deem ee gratis E-Books an digital Lauschterbicher op Franséisch, Däitsch an Englesch ausléine kann, an dee fir d'Lieser vun der Nationalbibliothéik, vum Bicherbus a vu verschiddenen ëffentleche Bibliothéiken zu Lëtzebuerg zougänglech ass.

**Froen zu der Notzung vun der ebooks.lu-Offer?**

E-Mail: help@consortium.lu
Web: ebooks.lu

## 8.4 BICHERBUS

De Bicherbus, eng Bibliothéik op Rieder, fiert a 15 Wochentier queesch duerch d'Land. Fir d'Bicher an d'Liesen ze promovéieren, zerwéiert hien iwwer 80 lëtzebuergesch Uertschaften.

De Bestand vum Bicherbus ëmfaasst iwwer 70.000 Dokumenter, dorënner Bicher, Lauschterbicher an DVDe fir Kanner, Jugendlecher an Erwuessener. D'Dokumenter déngen der Weiderbildung, der Fräizäitlecture an der kultureller Beräicherung. D'Benotzer vum Bicherbus kënnen och vun der Offer vum ebooks.lu-Projet profitéieren.

D'Dokumenter vum Bicherbus kënnen iwwer a-z.lu virbestallt an dann um gewielten Arrêt ofgeholl ginn.

**Froen zum Bicherbus?**
Tel.: (+352) 26 55 9 - 240
E-Mail: bicherbus@bnl.etat.lu
Web: bicherbus.lu



## 8.5 NATIONAL ISBN-, ISSN- & ISMN-AGENCEN AN ISNI-ENREGISTRÉIERUNGSAGENCE

D'Nationalbibliothéik agéiert als national ISBN-, ISSN- an ISMN-Agence. Dës Agencë sinn dofir responsabel, de lëtzebuergesche Publikatiounen eng Identifikatiounsnummer ze ginn.

D'ISBN (International Standard Book Number) ass eng standardiséiert international Nummer mat 13 Zifferen, fir Bicher, Broschüren, Léiermaterial, Mikroformen, CD-ROMen an digital Publikatiounen eendeiteg ze kennzeechnen.

D'ISSN (International Standard Serial Number) ass eng standardiséiert international Nummer mat 8 Zifferen, fir fortlafend Wierker eendeiteg ze kennzeechnen, onofhängeg vum Land, an deem si publizéiert ginn, der Sprooch, dem Alphabet, der Heefegkeet, an der si erauskommen, an dem Support (gedréckten oder digital Publikatioun, CD-ROM, DVD-ROM, DVD-Video, Audio-CD).

D'ISMN (International Standard Music Number) ass eng standardiséiert international Nummer, fir gedréckte Musekspublikatiounen eendeiteg ze kennzeechnen.

Fir eng ISBN-, ISSN- oder ISMN-Nummer ze kréien, kënnt Dir iwwer d'Websäit MyGuichet.lu eng Demande maachen.

D'BnL fungéiert och als ISNI-Enregistréierungsagence (ISNI International Standard Name Identifier). ISNI ass eng standardiséiert international Nummer, déi et erméiglecht, physesch a juristesch Persounen ze identifizéieren.

**Froen zu der nationaler ISBN-Agence?**
Tel.: (+352) 26 55 9 - 352 / 354
E-Mail: agence-isbn@bnl.etat.lu

**Froen zu der nationaler ISSN-Agence?**
Tel.: (+352) 26 55 9 - 362
E-Mail: agence-issn@bnl.etat.lu

**Froen zu der nationaler ISMN-Agence?**
Tel.: (+352) 26 55 9 - 261
E-Mail: agence-ismn@bnl.etat.lu

# 9. FIR MÉI GEWUER ZE GINN

Méi Informatiounen iwwer d'Nationalbibliothéik fannt Dir:
- op eiser Websäit bnl.lu
- an eise Joresrapporten, déi Dir op bnl.lu ënner Publikatiounen fanne kënnt
- an eise Broschüren an Deplianten
- an eisen Ausstellungskatalogen an aneren thematesche Publikatiounen

De Joresbudget vun der BnL fannt Dir op budget.public.lu.

## 9.1 KONTAKT

**Allgemeng Froen**
Tel.: (+352) 26 55 9 - 100
**Aschreiwung**
Tel.: (+352) 26 55 9 - 101
E-Mail: inscription@bnl.etat.lu
**Prêt/Retour vun Dokumenter**
Tel.: (+352) 26 55 9 - 102
E-Mail: pret@bnl.etat.lu
**Bibliographesch Renseignementer**
Tel.: (+352) 26 55 9 - 103
E-Mail: reference@bnl.etat.lu
**Bicherbus**
Tel.: (+352) 26 55 9 - 240
E-Mail: bicherbus@bnl.etat.lu
**Dateschutzbeoptraagten**
E-Mail: dpo@bnl.etat.lu
**Dépôt légal „Bicher an aner Medien“**
Tel.: (+352) 26 55 9 - 352
E-Mail: depot-legal@bnl.etat.lu
**Dépôt légal „Digital Dokumenter“**
Tel.: (+352) 26 55 9 - 358
E-Mail: depot-legal-numerique@bnl.etat.lu
**Dépôt légal „Drockgrafik“**
E-Mail: iconographie@bnl.etat.lu

**Dépôt légal „Periodika“**
Tel.: (+352) 26 55 9 - 362
E-Mail: depot-legal-periodiques@bnl.etat.lu
**Ëffentlechkeetsaarbecht**
E-Mail: communication@bnl.etat.lu
**Ephemerasammlung**
E-Mail: ephemera@bnl.etat.lu
**Manuskriptesammlung**
E-Mail: manuscrits@bnl.etat.lu
**Ikonographesch Sammlung**
E-Mail: iconographie@bnl.etat.lu
**Lëtzebuergesche Bibliothéiksreseau bibnet.lu**
E-Mail: bibnet@bnl.etat.lu
**Mediathéik**
E-Mail: mediatheque@bnl.etat.lu
**Musekssammlung/Centre d’études et de documentation musicales (Cedom)**
E-Mail: cedom@bnl.etat.lu
**Pedagogesch Aktivitéiten**
E-Mail: serviceeducatif@bnl.etat.lu
**Plakatsammlung**
E-Mail: affiches@bnl.etat.lu
**Postkaartesammlung**
E-Mail: cartes-postales@bnl.etat.lu
**Sammlung vu Kaarten, Pläng, Atlassen a Vuen**
E-Mail: cartographie@bnl.etat.lu
**Sammlung iwwer d’Lëtzebuerger Bibliothéikslandschaft a Buchgeschicht**
E-Mail: histoire-bibliotheque@bnl.etat.lu
**Sammlung vu raren a wäertvolle Bicher**
E-Mail: imprimes-rares@bnl.etat.lu
**Zougang zu digitale Ressourcen & Froen zum Konsortium Lëtzebuerg**
E-Mail: help@consortium.lu

## 9.2 D'BNL AM WEB

| bnl.lu | a-z.lu |
|---|---|
| - Offiziell Websäit vun der BnL<br>- Informatiounen iwwer d'Sammlungen, d'Aktivitéiten an d'Projete vun der BnL | - Online-Sichmaschinn<br>- Zougang zu de physeschen an digitalen Dokumenter vun der BnL an all de Bibliothéike vum Reseau bibnet.lu |
| **consortium.lu** | **data.bnl.lu** |
| - Websäit vum Konsortium Lëtzebuerg<br>- Informatiounen iwwer de Konsortium Lëtzebuerg, seng Aktivitéiten, nei Lizenzen a Recommandatioune fir digital Ressourcen | - Gratis Download an Notzung vu qualitativ héichwäertegen Datesätz a Metadaten<br>- Daten aus lëtzebuergeschen Zeitungen an Zäitschrëften, déi vun der BnL digitaliséiert goufen an ëffentlech sinn<br>- Erméiglecht verschidden IT-Operatioune vun der einfacher Exploitatioun (z. B. Textanalys) iwwer d'automatescht Verschaffe bis hin zu kënschtlecher Intelligenz wéi „Machine Learning" |
| **webarchive.lu** | **Lëtzebuerger Bibliographie** |
| - Säit vum lëtzebuergesche Webarchiv<br>- Erkläert de Webarchivéierungsprozess a bitt thematesch Kollektiounen | - Nationale Regëster vun de Veröffentlechungen, déi dem Dépôt légal ënnerleien oder zousätzlech zum Dépôt légal kaaft goufen<br>- Ëmfaasst déi ganz Luxemburgensia, déi an d'BnL erakomm ass<br>- Existéiert zanter 1988 |

| eluxemburgensia.lu | Sozial Medien |
|---|---|
| - Portal vun de lëtzebuergesche Publikatiounen, déi vun der BnL digitaliséiert goufen<br>- Gratis Zougang ouni Bibliothéikskaart | - Facebook: @bnluxembourg<br>- Twitter: @bnluxembourg<br>- Instagram: @bnluxembourg<br>- YouTube: @bnluxembourg<br>- LinkedIn: Bibliothèque nationale du Luxembourg |
| **ebooks.lu** | **bibnet.lu** |
| - Websäit vum Projet ebooks.lu, wou digital Bicher op Franséisch, Däitsch an Englesch gratis kënnen ausgeléint ginn<br>- ebooks.lu gëtt vun eelef ëffentleche Bibliothéiken, der Nationalbibliothéik an dem Bicherbus ugebueden.<br>- Erklärunge iwwer d'Benotze vun E-Books | - Websäit vum Bibliothéiksreseau bibnet.lu<br>- Tool fir Fachpersonal vun de Bibliothéike vum Reseau bibnet.lu<br>- Allgemeng Informatiounen iwwer de Reseau, Neiegkeeten, d'Affiliatiounskonditiounen, Formatiounen an d'Katalogiséierungs-prinzippien a -reegelen, déi mussen agehale ginn |
| **persist.lu - info.persist.lu** | |
| - Spezialiséiert Websäit fir den ARK-Projet<br>- ARKen (Archival Resource Keys) sinn Identifikatiounen, déi dauerhaft all méiglech Objete referenzéieren: digital, physesch oder abstrakt. | |

# 10. GESCHICHTLECHEN IWWERBLÉCK VUN DER NATIONALBIBLIOTHÉIK

**1798:** D'Autoritéite vun der Franséischer Republik hunn déi éischt ëffentlech Bibliothéik zu Lëtzebuerg opgebaut. Dës besteet aus den opgeléiste Kollektioune vun der Bibliothéik vun de fréiere Stänn vu Lëtzebuerg, der Jesuittebibliothéik an de Bibliothéike vun anere reliéisen Uerden (Stad Lëtzebuerg, Iechternach, Orval). Si war um Späicher vum fréieren Athénée ënnerbruecht.

**1850:** Fusioun vun der 1802 gegrënnter Gemengebibliothéik mat de Bibliothéike vum Athénée de Luxembourg a vun der Société pour la recherche et la conservation de monuments historiques, déi 1845 gegrënnt gouf.

**1899:** D'Bibliothéik gëtt fir d'éischte Kéier an engem offizielle staatlechen Dokument als „Bibliothèque nationale" bezeechent.

**1941-44:** D'BnL, déi „Landesbibliothek" ginn ass, gëtt der Opsiicht vun den Nazi-Autoritéiten ënnerstallt an an e Bankgebai um Boulevard Royal geplënnert.

**1958:** Mam Gesetz vum 5. Dezember 1958 huet d'BnL elo e legale Status. De Pierre Frieden gëtt den éischte Chargé de direction vun der BnL. Den Dépôt légal zu Gonschte vun der BnL als bibliographesch Agence gëtt agefouert.

**Ab 1960:** D'BnL konzentréiert sech op hir Missioun als wëssenschaftlech Bibliothéik a gëtt hir Sammlung vun Ënnerhalungsliteratur op.

**01.02.1973:** D'BnL plënnert an d'renovéiert Gebai vum Athénée um Boulevard Roosevelt.

**1989:** Grënnung vum Centre d'études et de documentation musicales (Cedom) duerch de Règlement grand-ducal vum 11. Juli 1989.

**2013:** Vott iwwer de Gesetzesprojet fir de Bau vum neie Gebai.

**26.06.2014:** Éischte Spuetestéch.

**01.04.2019:** Et gëtt mam Plënneren ugefaangen.

**30.09.2019:** Aweiung vum neie Gebai.




COURS
DROIT CIVIL
P.LAURENT
PRINCIPES
DROIT CIVIL

Text: Vera Seitz
Iwwersetzung: Why Vanilla?
© Nationalbibliothéik Lëtzebuerg, 2023
Fotoen: BnL, Sven Muhlen, Marcel Strainchamps
ISBN 978-99987-888-1-7